



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture  
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7260 vun der éierbarer Deputéierten Martine Hansen**

- Kann den Här Minister eis Detailer ginn, wéi des Bähëllefen op den Energie- an Düngemëttelkäschten, déi den 20. Mee virgestallt goufen, solle konkret berechent ginn?
- Wéi vill Prozent vun de Méikäschte gi vum Staat iwwerholl?
  - ° Op wat fir Produkter sinn Aide geplangt?
- Goufen d'Bauere schonn iwwert des Bähëllefen informéiert?
  - ° Wann nee, wéini soll dat geschéien?
- Ab wéini kënnen des Aiden ugefrot ginn a wéini ginn se ausbezuelst?
- Wéini fält Decisioun, op des Aiden och fir d'Joer 2023 verlängert ginn?

Et war festgehale ginn, datt d'Evolutioun vun de Marchéë géif analyséiert ginn, ier decidéiert gëtt, ob eng Aide fir d'Hausse bei de Betribsmëttel bezuelst gëtt oder net.

Am Moment ass et esou, datt déi héich Marchéspräisser an alle Secteuren déi méi héich Käschten, wat d'Energie an aner Intranen ugeet, kompenséiert hunn. D'Betriber hunn sech zum Deel och adaptéiert, zum Beispill andeem manner Dünger kaaft ginn ass.

Am Secteur vun der Mëllech gëtt sech souguer en ganz gutt ekonomescht Resultat fir d'Joer 2022 erwaart. Deemno ass bis elo nach keng Decisioun geholl ginn, fir eng weider Entschiedegung fir méi héich Käschten ze proposéieren, an deementspreechend ass och net diesbezüglich kommunizéiert ginn.

Besounnesch en Vue vun de Präishausse beim Stroum, déi elo am Raum stinn, riskéieren déi méi energieintensiv Produktiounssecteuren am Joer 2023 eng grouss finanziell Méibelaaschtung missen ze stemmen.

De 9. Januar 2023 war eng Reunioun mam gesamte landwirtschaftleche Secteur, wou déi aktuell Zuelen zu der ekonomescher Situatioun an de Marchéë virgestallt gi sinn. Bei där Geleeënheet ass de Réckbléck ob d'Krisejoren 2021 an 2022 gemaach ginn an och dobäi souwäit wéi méiglech, en Ausbléck fir dat nächst Joer.

D'landwirtschaftlech Administratiounen si permanent amgang am Detail ze evaluéieren, wéi eng Elementer vun der Käschtestruktur relevant si fir d'Akommesstruktur vun de Betriber fir gegebenefalls op weider Präishausse reagéieren ze kënnen.

Et muss nach eng Kéier ënnerstrach ginn, datt den EU-Kader nëmme virgesäit fir deene Betriber ze hëllef, déi reell vun der Krise betraff sinn an exzeptionell Akommesaboussen hunn.

De 9. November 2022 ass d'Kommunicatioun vun der Kommissioun iwwert den temporäre Krisekader fir staatlech Bähëllef fir d'Ekonomie no der russescher Aggressioun géint d'Ukraine ze ënnerstëtzen am Journal officiel vun der Europäescher Unioun publizéiert ginn (2022/C426/01).

Dëse Kader erlaabt den „États membres“ ënner Anerem eng Aide vu bis zu 250 000 Euro pro Entreprise aus der primärer landwirtschaftlecher Produktioun ze ginn. Dës Aiden kéinte bis den 31. Dezember 2023 ausbezuel ginn.

Lëtzebuerg, de 9. Januar 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN